

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, de 7. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

Am Kontext vun der COVID-19-Pandemie krute vill kleng Betriber net déi staatlech Hëllef vu 5000 Euro. An der Begrënnung heescht et dacks

- datt dee jeeweilege Betrib net obligéiert war, zouzemaachen;
- datt dee jeeweilege Betrib keng Handelsermächtigung huet.

Wann een sech déi Begrënnung méi genee ukuckt, ass et awer sou, datt vill Betriber, déi net obligéiert waren, zouzemaachen, trotzdeem hu missen zoumaachen, well am Kader vun der COVID-19-Kris einfach keng Aarbecht méi ugefall ass.

Et ass och esou, datt vill Betriber keng Handelsermächtigung hunn, well si dës net brauchen. An awer sinn dëst dacks Betriber, déi Leit beschäftegen a Sozialabgaben a Steiere bezuelen.

Besounnesch déi kleng Betriber kruten och keng Avancen op d'Kuerzaarbecht bezuelt, sou datt d'Patronen hu missen d'Paie virstrecken, déi Situatioun awer guer net méi, respektiv, net méi laang packen.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi vill Betriber kruten hir Demande op déi staatlech Hëllef vu 5000 Euro refuséiert?
2. Ass d'Regierung sech bewusst, datt vill Betriber, déi am Kader vun der COVID-19-Pandemie net gesetzlech obligéiert waren, zouzemaachen, trotzdeem hu missen zoumaachen an dat dëse Schrëtt fir déi jeeweileg Betriber mat grouse finanzielle Verloschter verbonden ass?
 - Wa jo, firwat huet d'Regierung dëse Betriber net déi Hëllef vu 5000 Euro zoukomme gelooss?
 - Wa jo, wéll d'Regierung dëse Betriber elo schnellstméiglech hëllefen? Wéi soll dës Hëllef konkret ausgesinn? Kréien dës Betriber elo déi 5000 Euro noiwierwisen? Fir wéini kënnen déi betrafte Betriber mat därer Hëllef rechnen?

3. Ass d'Regierung sech bewusst, datt vill Betriber am Kader vun der COVID-19-Pandemie hu missen zoumaachen, déi keng Handelsermächtigung hunn an dat dëse Schrëtt fir déi jeeweileg Betriber mat grouse finanzielle Verloschter verbonnen ass?
 - Wa jo, firwat huet d'Regierung dëse Betriber net déi Hëllef vu 5000 Euro zoukomme gelooss?
 - Wa jo, wëll d'Regierung dëse Betriber elo schnellstméiglech hëllef? Wéi soll dës Hëllef konkret ausgesinn? Kréien dës Betriber elo déi 5000 Euro noiwwerwisen? Fir wéini kënnen déi betrafte Betriber mat därer Hëllef rechnen?

4. Firwat krute besonnesch déi kleng Betriber am Hibléck op d'Kuerzaarbecht keng Avance bezuelt?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten